

Communiqué de presse



## Wëllplanzesom Lëtzebuerg

Zu Nidderfeelen wiisst e ganzt Feld mam Gewéinleche Knuef, an net nëmmen do. *Wëllplanzesom Lëtzebuerg* huet grouss Fortschrëtter gemaach. Zanter 2018 ginn zu Lëtzebuerg mat der Finanzéierung vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a mat der Ënnerstëtzung an ënner der Opsiicht vun der ASTA heemesch Wëllplanzenaarten no ökologesche Krittären ugebaut.

Déi 15 lëtzebuergesch Produzenten hunn sech dëst Joer zu enger Genossenschaft zesummegeschloss fir gemeinsam d'Produktioun vum Wëllplanze-Geseems virun ze dreiwen. Elo am Summer sinn d'Felder e Bléckfang fir eis a gläichzäiteg eng wäertvoll Fudderquell fir d'Bestëbser. Aus dem recoltéierte Geseems gi Wëllplanze-Geseemsmëschungen hiergestallt, aus deene bont bléiend Blummewisen oder Bléihflächen ugeluecht kenne ginn. Des Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen an d'Vilfalt vun eisen Insektenaarten ënnerstëtzen.

**Fannt méi Informatiounen op** ➔ wellplanzen.lu

Gemeng **Feelen**

SICONA Naturschutzsyndikat

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité